# STELLUNGNAHM ZU DER „NOTE AU DOSSIER" VUM SUBSTITUT PRINCIPAL ROBERT WELTER VUM 2. JULI 2013

Ech hun d'Note vum Här WELTER lo arou gelies an hei as wat ech dozou ze soen hun:

Ech war effektiv Member vun der Commission de la circulation de l'Etat an zwar vun 1995 bis 2001. Ech kann net ausschléissen an daer Périod iergendwann eng Kéier mam Här Welter iwwert deen Dossier geschwaat ze hun.

Di Aussoo vum Här Welter beweist ganz kloer eent:

Remarken an deem Genre, déi ech secherlech op verschiddenen Plaazen gemaach hun, sin deemols genau esou opgeholl gin wéi se sollten: et waren Meenungen déi vill Leit hei zu Letzebuerg haaten, an hun, ouni datt doranner méi interprétéiert gin ass wéi e Gespréich waat eben och vun „Insideren", also Gendarmerie, Police, Parquet, Arméi etc, déi Zait sou gefouert gin ass – en Ophänkert fir eng Never Ending Story vun daer jiddereen an deenen leschten 30 Joer schon mol eppes héieren haat.

Wann meng Aussoen, déi ech do anscheinend gemaach hun, sériö geholl gi wären, an den Här Welter wiirklech der Meenung gewierscht waer ech wär de Bommeleer oder wéisst ween de Bommeleeër ass – waat net de Fall ass – dann waer hien dach als pflichtbewosste Mataarbechter vun eisem Parquet direkt mat sou enger cruzialer Informatioun bei di zoustännech Leit gaangen.

Am Kontext vun desem Prozess, deen lo zenter 4 Méint kee Millimeter viru komm ass waat de Fong betrefft, get e Sënnebock gesicht deen an aller Öffentlechkeet kann zur Rechenschaft gezu gin. Et mécht jo wiirklech net gudd fir no 30 Joer a ville Käschten keen Veruerteelten ze hun. Et schengt jo elo jidderengem kloer ze sin datt di zwee op der Uklobänk net d'Bommeleeër sin, also muss en aneren duerhaalen, an waméiglech een deen e relativ héigen Posten haat, en „deckt Déier". An dofir gin Aussoen di iwwer Jorzëngten als anodin ugesi gi sin elo op eemol nei interprétéiert an zwar ab deem Moment, dem 25.November 2007, wou ech mech viru meng Mataarbechter gestallt hun, déi hei op der Uklobänk setzen; an daat huet mech jo iwwregens schon 2008 meng Plaaz kascht.

Nach eng Kéier ganz kloer an onmessverständlech, sécher, et war net keen mä :

1. **Ech sin net de Bommeleeër !**
2. **Ech wees net ween de Bommeleeër ass !**

Ech hun alles waat a menger Kompetenz war gemaach fir deenen di mat den Ennersichungen befaasst waren a sin déi Ennerstetzung ze gin di ech konnt. Wann do e gréissere Problem gewierscht waer dann waer daat dach och schon éischter zur Sprooch komm wi réischt elo an och schon kloer am Dossier dokumentéiert.

Mat allem Respekt vun Ärem Tribunal,

Lëtzebuerg, den 3. Juli 2013

Pierre REULAND